N°3839
Entrée le 25.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.03.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Mäerz 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister, an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Gëschter konnt een an der Lëtzebuerger Dagespress liesen, datt d'Musekschoul Cavem faillite déklaréiere misst. Dem *Tageblatt* no markéiert d'Ënn vun dëser Musekschoul och de Schluss vun de Coursë fir eng ronn 600 Museksschüler a Museksschülerinnen. Gläichzäiteg verléieren ëm 15 Muskesproffen an eng hallef Dose fräiberufflech Museksproffen hier Aarbechtsplaz.

An deem Kontext géinge mir follgend Froe stellen:

- Wéi bewäert den Här Kulturminister d'Auswierkunge vun dëser Faillite op d'kulturellt Offer, besonnesch am Beräich vun der Museksausbildung?
- Gouf et am Virfeld Signaler déi op finanziell Problemer bei der Cavem higewisen hunn? Wann jo, wéi gouf dorop reagéiert?
- Wat fir konkret Mesurë ginn elo geholl, fir déi betraffe Schüler séier nees an eng strukturéiert Museksausbildung ze integréieren?
- Wat geschitt mat den Enseignanten an de fräischaffende Museksproffen, déi hir Aarbechtsplaz verluer hunn? Sinn Ënnerstëtzungsmoossname virgesinn?
- Besteet d'Méiglechkeet, datt de Staat oder aner ëffentlech Acteuren intervenéieren, fir en Deel vun der Aktivitéit oder d'Strukturen ze erhalen?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt
Deputéiert

Georges Engel
Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Kulturminister, Eric Thill, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3839 vun den honorabelen Deputéierte Claire Delcourt a Georges Engel**

1. **Wéi bewäert den Här Kulturminister d'Auswierkunge vun däser Faillite op d'kulturellt Offer, besonnesch am Beräich vun der Museksausbildung?**

   D'Faillite vun der privater Museksschoul CAVEM ass bedauerlech an huet Auswierkungen op d'Schülerinnen a Schüler souwéi op d'Mataarbechterinnen a Mataarbechter vun där Schoul.

   Aus kulturpolitescher Siicht ka festgehale ginn, datt Lëtzebuerg iwwer e breet opgestallten a qualitativ héichwäertegen ëffentleche Museksunterrecht verfüügt, deen de gréissten Deel vum Besoin an der Museksausbildung ofdeckt. Parallel dozou spille privat Acteure wéi d'Museksschoul CAVEM eng ergänzend Roll, besonnesch wat nidderschwelleg a praxisorientéiert Approchë fir un d'Musek erunzeféieren ugeet, an droen doduerch, aus enger méi breeder Perspektiv, zur kultureller Diversitéit vun der Museks(schoul)landschaft bäi.

2. **Gouf et am Virfeld Signaler déi op finanziell Problemer bei der Cavem higewisen hunn? Wann jo, wéi gouf dorop reagéiert?**

   D'CAVEM stoung a kengem Lien mam Educatiounsministère an och net mam Kulturministère.

3. **Wat fir konkret Mesurë ginn elo geholl, fir déi betraffe Schüler séier nees an eng strukturéiert Museksausbildung ze integréieren?**

   Den Enseignement musical gëtt vun de Gemenge gedroen an organiséiert. D'Gemenge musse kucken, ob si d'Méiglechkeet hunn, zousätzlech Schüler am Laf vum Schouljoer opzehuelen, virausgesat, datt d'CAVEM-Schüler an eng kommunal Musekschoul oder e Conservatoire wéilte wiesselen.

4. **Wat geschitt mat den Enseignanten an de fräischaffende Musekproffen, déi hir Aarbechtsplaz verluer hunn? Sinn Ënnerstëtzungsmoossname virgesinn?**

   D'Personal am Enseignement musical ënnersteet de Gemengen, respektiv dem Prestataire vun de Gemengen. Wann dës Persounen déi legal Konditiounen erfëllen, fir Enseignant am kommunale Museksunterrecht ze ginn, kënnen si hir Kandidatur op méiglech fräi Posten un d'Gemengen oder un de Prestataire riichten.

   Fir d'Ënnerstëtzungsmoossname gëllen déi allgemeng Moossnamen, wéi se hei zu Lëtzebuerg bei Faillitte virgesi sinn.

5. **Besteet d'Méiglechkeet, datt de Staat oder aner ëffentlech Acteuren intervenéieren, fir en Deel vun der Aktivitéit oder d'Strukturen ze erhalen?**

Fir den Educatiounsministère an de Kulturministère besteet keng Méiglechkeet fir ze intervenéieren.

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH